1-2019-O-Q-5820-01 (n°3195)

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Dépot: Marc GOERGEN
Aktualitéitsstonn zur ziviller Loftfaart

Lëtzebuerg, den 13/05/2020

1

# Motioun

**D'Deputéiertechamber stellt fest:**

- D'Tourismusbranche dréit am Duerchschnëtt ronn 3% zum lëtzebuergeschen Bruttoinlandprodukt bäi (Source: UNWTO, Compendium of Tourism Statistics, Data 2014–2018, Edition 2020);
- Enger rezenter Prognose vun der Welttourismusorganisatioun (UNWTO) fir d'Joer 2020 no, riskéiert d'Unzuel u Reese weltwäit ëm 60 bis 80% anzebriechen;
- D'Reesagencen zu Lëtzebuerg rechne mat engem Abroch vu bis zu 80% vun hirem Ëmsaz fir d'Joer 2020;
- Nom Auslafe vum Ausnamezoustand mussen d'Rechter vum Konsument respektéiert ginn an am Fall, wou Reesen annuléiert ginn, muss de Konsument seng Käschte vollwäerteg réckerstatt kréien an der Form, déi hie wëll (Cash oder Coupon);

**Aus dëse Grënn invitéiert d'Deputéiertechamber d'Regierung:**

1. mat den Acteuren aus dem Tourismussecteur een nationalen Hëllefsfong fir déi gesamt lëtzebuergesch Reesbranche (i.e. Tour Operatoren, Reesagencen, Hospitality an Transport) opzestellen, fir Faillitten ze verhënneren.

2. d'Rechter an de Choix vum Konsument ze respektéieren a keng Mesuren ze ënnerstëtzen, déi d'Clienten zwéngen, Couponen unzehuelen. De Client muss kënne wielen tëscht Remboursement oder Coupon.

Marc Goergen